# NEY NICOLAS

* 05.01.1884 zu Stroossen. En huet gewunnt op der Areler Strooss
am Geesseneck Nr. 122
(wou haut d'Ets J. B. WAGNER steet)

E war Modellschräiner vu Beruff an huet op der Eisebunn zu Lëtzebuerg geschafft. Den Nik war e rouege Biirger, e Mënsch dee fir sech gelieft huet, ower keen Nazi leide konnt. Als Resistenzler huet hien der deemoleger illegaler kommunistischer Partei sein Haus als Dréckerei vun „DIE WAHRHEIT" – Kampforgan für die nationale Befreiung Luxemburgs – zur Verfügung gestallt. Dës Zeitung am Format DIN A4 vun ca. 10 Säite gouf fir 2 Frang u Patriote verkaaft. Bei der grousser antikommunistescher Razzia vum 5. August 1942 gouf den Nik verhaft, an der Villa PAULY verhéiert an dun zu HINZERT am SS-Sonderlager als Häftling Nr. 4757 agespaart.

Viru sénger Verhaftung hat den Nik ower nach Zäit, séng Dréckmaschin mam Hummer ze zerstéieren, an e Sak ze stiechen an am Roud-Jemp sénger Hiel am Gaaschtgronn ze verstoppen. D'Lëscht vun der Gestapo war nët vollstänneg, do stoung als Nr. 43 NEY Peter oder Franz, Strassen, an esou hu sie fir d'éischt bei séngem Brudder, dem NEY Franz an der Wëllefsheck gesicht. Doduerch gouf den Nik gewarnt. D'Gestapo huet ower mat Hëllef vun hiren Honn d'Maschin am Gaaschtgronn fond an als Bewäismëttel konfiskéiert.

Vun HINZERT aus koum den Nik de 26. Januar 43 an d'KZ NATZWEILER-STRUTHOF (Post Rotau) am Elsass. Séng Häftléngsnummer war 2306, an e loug am Block 2.

Dee selwechten Dag koum mat him vun Hinzert nach e Stroossener, de KRIER Alphonse, ënnert der Nr. 2282 war hie bis de 17.06.43 do logéiert a koum dun op BUCHENWALD.

Een drëtte Stroossener, eise spéidere Buurgermeeschter WIRTZ Jäng, gouf hei den 21.06.43 ënnert der Nr. 4163 ageliwwert an de 06.09.44 op DACHAU verluecht.

Mat dem Frënd Nik sénger Gesondheet goung et ower elo séier de Bierg of. D'Nätzt an d'Keelt hun him staark zougesat, well mat 58 Joer war hie jo nët méi der Jéngster een. Am Juni konnt hie schons nët méi selwer 04.07.43 freet en no Medikamenter wéi Hepatrat a Campolon-Ampullen, an hei huet hien och fir d'leschte Kéier nach selwer ënnerschriwwen.

Den 9. Juli 1943 ëm 5.45 Auer as den Nik am Lager STRUTHOF, Gemeng Natzweiler am Elsass, gestuerwen. Den 12.07.1943 gouf en och do verbrannt a séng Äschen leien oder si verstreet dohannen, si hun de Wee op Lëtzebuerg nët méi fonnt.

| | | |
|---|---|---|
| Séng Elteren: | NEY Jean | * 09.08.1857 zu Zéisséng |
| | | † 04.06.1931 zu Stroossen |
| | MAJERUS Suzanne | * 09.10.1859 zu Stroossen |
| | | † 08.02.1940 zu Stroossen |